

Lëtzebuerg, de 5. Januar 2018

Léif Membere vun der Féduse/Enseignement-CGFP,  
Léif Kolleginnen a Kollege Professeren,

Zum Joresufank wollte mir vun der Geleeënheet profitéieren, Iech drop opmierksam ze maachen, dass de **Projet de loi 7182** prett an der Chamber läit fir kënnen gestëmmt ze ginn. D'Avise vum Staatsrot a vun eiser CHFEP leie vir, esou dass elo just nach de Vote vun den Deputéierten (viraussichtlech am Februar 2018) derzou feelt, éier folgend Bestanddeeler aus dem vun der CGFP ausgehandelten an am Dezember 2016 ënnerschriwwenen Accord salarial endlech kënnen ëmgesat ginn:

- Eng **Erhéijung vum Punktwäert** ëm **1,5 %** réckwierkend op den 1. Januar 2018
- Eng **Erhéijung vum Iessensgeld** ëm **34 Euro** réckwierkend op den 1. Januar 2017
- Eng **Erhéijung vun der Familljenzoulag** fir béid Elterendeeler, déi beim Staat schaffen, am neie Régime op **29 Punkten**
- **Flexibiliséierung vum « travail à temps partiel »** duerch d'**Aféierung vu Palieren** vun 90%, 80%, 75%, 70%, 60%, 50% a 40% « à durée déterminée » fir Leit mat ganzer Tâche
- Eng **Harmoniséierung vun de Gehälter vun den Employés de l'État** bei gläichem Bildungsofschluss. D'Employés de l'État am Enseignement, also eis Chargéen, sollen dselwecht bezuelt ginn ewéi déi aner Employés de l'État, déi net an de Schoulen schaffen, bei gläichem Bildungsofschluss - an net manner, esou ewéi dat bis elo de Fall war! Dës Harmoniséierung, déi d'Féduse/Enseignement-CGFP ausdrécklech begréisst, gouf erziilt dank der gudder Zesummenaarbecht vun der AEE-CGFP (Association des Employés de l'État), an eis.
- D'Féduse/Enseignement wäert sech och weiderhi fir eng **Regularisatioun vun den Honnerte vu Professeurs-candidats** surcitaires staark maachen, insbesonnesch, nodeem d'Chargéen elo d'Méiglechkeet geschafe kruten, sech no 15 Dénsgschtjoer, ganz ouni usprochsvolle Concours-Examen an nervenzerräissend Stagezäit, fonctionnariséieren ze loosse. Et dierf net sinn, dass ee frësch fonctionnariséierte Chargé an de Genoss vun de Koeffizienter an Altersdécharge kënnt, während dem Professeur-candidat, den sengersäits zousätzlech de komplette Stage absolvéiert huet, dës Avantagen net zougestane ginn.

D'Féduse/Enseignement-CGFP begréisst déi geplangte Gesetzesännerung, déi engem Professeur-candidat endlech d'Ausbezuete vun engem Poste à responsabilité zougesteet, statt wéi bis elo just d'Ausübung dovunner ouni finanzielle Plus. Dëse grotesken Zoustand huet eis vill Asaz a Roserei souwuel vis-à-vis vum MENJE wéi och vum MFPPRA kascht - an déi betraffe Kolleginnen a Kollegen nach wäit aus méi!

Dernieft wäert de Comité och derhannert bleiwen, dass d'**Conseillers didactiques** (CODI) hire säitens der IFEN-Direction zougesécherde **Poste à responsabilité** och endlech sollen **ausbezuelt kréien**, an

zwar am Kontext vum nationale Contingent vun de Postes à responsabilité, esou wéi beispillsweis d'CNP-Presidenten, an net ofhängeg vum jeeweilege Lycéescontingent. Déi betraffe Kolleginnen a Kollege kruten nämlech säit der Reform am Oktober 2015 déi Majoratioun nach net ausbezuelet, obwuel se hinne laut de Verhandlungen tëscht Féduse/Enseignement-CGFP a MENJE zousteet an och vun der IFEN-Directioun nach wie vor garantéiert gëtt!

Skeptesch verbleiwe mir weiderhin, wat déi konkret Ëmsetzung vun der **Reform am Cycle inférieur am ESG** betrëfft, besonnesch a punkto **Cours de base** a **Cours avancés** – an natierlech, déi doru gekoppelt nei Promotiounskritäre mat de sougenannte „Coulouirsnoten“. Mir wäerten och genee beobachten, wéi eng Konsequenzen des Reform op d'**Aarbeschtslaascht** vun den Enseignanten am Cycle inférieur huet.

Mat besuergerter Haltung kucke mir op d'Entwécklung vum Dossier **Autonomie** an eiser Schoullandschaft, well och wa mir eis der Noutwendegkeet vun enger méi diversifizierter Offer bewusst sinn, sou muss awer och e staarkt Réckgrat vu Gemeinsamkeete vun de Schoule garantéiert bleiwen. Problematesch fanne mir och déi zum Deel iwwerstierzten Aféierung vun den neien Tablet-Klassen, wou d'Material virun de Konzepter geliwwert gouf, an d'Fro opbleift, ob de Volet „**Schoulmaterial gratis zur Verfügung stellen**“ och fir d'Léierpersonal am Secondaire gëllt, statt nëmme fir sämtlech Schüler an d'Kollegen aus dem Fundamental!

Wat d'**Reform vun der Berufsausbildung** ugeet, sou bleibt eise Comité an engem konstruktiven a reegelméissegem Dialog mam neien zoustännegen Direkter, dem Här Jean-Marie Wirtgen, fir déi weiderhin deels gravéierend Mëssstänn ze behiewen (*cf. eis Newsletter vum 23.10.2017*).

Ganz interessant fir eis Enseignanten wäert och de sougenannten **Zäitspuerkont** sinn, fir deen d'CGFP sech säit Joerzénge agesat an d'Féduse/Enseignement als dreiwend Kraaft agéiert huet. Wann dëst Gesetz bis a Kraaft getrueden ass, wäert Dir, léif Kolleginnen a Kollege, d'Méiglechkeet hunn, Är geleeschten Iwwerstonnen eent zu eent unzespuere fir zu engem spéideren Zäitpunkt eng partiell Tâche oder esouguer eng « année sabbatique » unzufroen, ouni während dëser Period mussen op Är voll Paie ze verzichten. All Detailer zur praktescher Ëmsetzung vum Zäitspuerkont wäerte mir Iech selbstverständlech noreechen, esoubal dat entsprechend Gesetz (**Projet de loi 7171**) an der Chamber gestëmmt gouf.

Weiderhi plaidéiert d'Féduse/Enseignement-CGFP och ganz staark fir d'**Ofschafe vun der** sougenannter **80/80/90 – Regel**, zemools well d'Regierung der ausgehandelter Contrepartie, nämlech enger déifgräifender Reform an Adaptatioun vum Stage, net nokomm ass. D'Kierze vun den Ufanksgehälter huet eise jonke Kollegen den Astig an hiert aktiivt Liewen, zemools en vue vun deenen immens héije Wunnengspräisser, nach méi schwéier gemaach. D'80/80/90 – Regel war dann och ee vun den Haaptpunkten vun der grousser **Manif vun der CGFP**, de 27. November 2017, wou mir, souwéi ganz vill vun Iech, präsent waren. Iech nach eemol e ganz grousser Merci dofir!

Ofschléissend erwaarde mir natierlech och mat Spannung déi éischt Resultater vum reforméierte Premièresexamen 2018.

**Mir verbleiwe mat beschte Gréiss a wënschen Iech all eng gutt Gesondheet a vill Energie am Neie Joer,**

De Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP